

d'Peffermillen

Alle Jahre wieder ... De Koschter bewonnert dem CSV-Deputéierte L.Bollendorff séng Ausdauer, all Joer neess dem Staats- an Ausseminister d'Fro ze stellen, wéi et mam Gesetzprojet iwert e Statut fier Entwécklungshelfer steet. Bis elo huet den Här Thorn (säit 1968! - vgl. "forum" Nr. 9/76 und 11, 16, 18/77). d'Froesteller ëmmer op "ganz geschwënn" verträischt. Dës Kéier (17.5.1978) wor e méi éierlech: " ... il n'y a pas lieu d'intervenir auprès du Conseil d'Etat pour que l'urgence soit reconnue à la proposition de loi ..."
Bis d'next Joer dann.

m.p.

Vor der Genehmigung des Antrags Otto von Habsburgs auf Zuerkennung der deutschen Staatsangehörigkeit machte der Vorsitzende des Innenausschusses des Bundestags, Axel Wernitz (SPD), auf die Einbürgerungsrichtlinien aufmerksam. Nach seiner Ansicht erfüllt Habsburg die Voraussetzungen nicht. Nach den zwischen dem Bundesinnenminister und den Länderinnenministern abgestimmten Richtlinien werde unter anderem gefordert, der Einbürgerungsbewerber „muß nach seinem Verhalten in Vergangenheit und Gegenwart Gewähr dafür bieten, daß er sich zur freiheitlichen de-

mokratischen Grundordnung bekennt und für ihre Erhaltung eintreten wird. Personen, die in innerer Abhängigkeit zu totalitären Ideologien stehen, ist die Einbürgerung zu versagen.“ Wernitz bezieht sich auf Äußerungen Habsburgs, bei Bedarf die freiheitlich demokratische Grundordnung der Bundesrepublik befristet außer Kraft zu setzen und zu einer Ein-Mann-Diktatur auf Zeit zu deformieren. Auch der Innenminister von Baden-Württemberg habe betont, die Auffassung Habsburgs sei mit dem Verfassungsverständnis der Bundesrepublik unvereinbar.

Bemerkenswert an diesem Auszug aus der Süddeutschen Zeitung (10./11.6.78) ist vor allem der letzte Satz. Wie kann ein CDU-Minister so garstig über

einen Gesinnungsfreund urteilen. Schön, dass wenigstens das L.W. tapfer zu seinem Starkomentator steht. Es sieht ganz so aus, als ob unserer katholischen Zeitung die "geistige Grösse" (rn dixit, L.W., 3.7.78) des CSU-Freundes und Möchtegern-Europarlamentariers mit k.u.k - Vergangenheit unproblematischer erscheint als der CDU. Ihr hat er genug Porzellan zerschlagen. Im L.W. darf er weiterhämmern.

csst

De Koschter wor de läschte 15.6.1978 an enger séier interessanter Konferenz di de Lëtzebuurger Journalisteverband mat hierem däitsche Kollég Fritz Raff organiséiert hat iwert Thema: "Der Einfluss der neuen Satztechniken auf den Beruf des Journalisten." Eng Saach as an där Konferenz jiddefalls kloer gin: Wann an där nexter Zäit och an de lëtzb. Zeitungen dat groust Sand-an-d' Ae stréen ufänt iwert di grouss Vierdeeler vun där fantastescher Moderniséierung vun hierem Betrieb - eng Zeitung as jo scho seit Méint am gaang -, da soll de Lieser sech nët täusche loossen: ausser enger - laangfristeg gesin - liicht verbesserter Aktualitéit kënnt dem Lieser kee Virdeel derbäi zegudd. Och de Journalist huet keen Avantage, e muss heechstens ënnert nach méi Zäitdrock nach méi Aarbecht leeschten. Dat technescht Personal kennt nëmme No-deeler: no a no verléiert et séng Aarbechtsplatz. Di eenzeg also di e Vierdeel bei där Modernisatioun hun, sin d'Verleger, d'Aktionäre: sie spuere vill Geld.

Anerersäits gouf bei där Konferenz vun engem Auslänner ee Vierdeel vun der politescher Situatioun um Lëtzebuurger Pressemaart däitlech: Well ons Dageszeitungen all politesch fest orientéiert sin, also a politescher Konkurrenz stin, sin se och drop ugewisen sech um Gebidd vun der journalistescher Qualität Konkurrenz ze man. Nodém de Koschter su oft an ëmmer nach di politesch Eesäitegkeet vun onsen Zeitungen bedauert a kritiséiert huet, well doduerch hier Objektivitéit a Vollstännegkeet verluer gin an de Lieser sech muss e puer Zeitungen uschaffen fier eng komplett Informatioun ze hun, as e gär bereet deen Avantage unzeerkennen.

m.p.